N°8376
Entrée le 09.10.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 09.10.2023

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 6. Oktober 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister weiderzeleeden.

Den Artikel 34. vum Gemengegesetz schreift vir:

« Nul n'est admis au premier tour de scrutin, s'il ne réunit plus de la moitié des votes valables.

Si aucun des candidats ne réunit la majorité absolue des suffrages, il est procédé à un scrutin de ballottage entre les deux personnes qui ont le plus de voix, et la nomination a lieu à la majorité des votes.

Si le premier tour de scrutin donne à plus de deux candidats le plus de voix et en nombre égal, un second scrutin est ouvert entre eux, et les deux candidats qui obtiennent à ce scrutin le plus de voix, sont seuls soumis au ballottage. Au cas d'une nouvelle parité de suffrages dans le second scrutin, le sort désigne les candidats à soumettre au ballottage.

Si le premier ou le deuxième scrutin, sans donner à aucun des candidats la majorité, donne le plus de voix à l'un d'eux et parité de voix à plusieurs autres, il est procédé comme au cas précédent, pour trouver celui qui, avec le premier, sera soumis au ballottage. »

Am Gemengerot huet een normalerweis bei där genannter Wiel vun zwee Kandidaten dräi Méiglechkeete fir unzekräizen: Nieft deenen zwee Kandidaten huet een nämlech nach déi drëtt Méiglechkeet, fir kee vun deenen zwee Kandidaten ze wielen - dës drëtt Optioun ass gekennzeechent mat "Niemand".

An dësem Kontext hätt ech folgend Fro un d'Madamm Banneminister:

- Am Fall wou déi zwee Kandidaten am Hibléck op déi dräi Wielméiglechkeeten (also ee vun den zwee Kandidaten oder "Niemand") op genee déi selwecht Unzuel u Stëmme kommen: Muss dës Wal an deem Fall widderholl ginn oder kann et direkt zum Lousentscheed kommen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire** **25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg** **Tel. : (+ 352) 463742**

N° 8376
Entrée le 11.10.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

**Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n°8376 vum honorabelen Deputéierte Jeff Engelen zum Sujet "Vote lors d'un conseil communal"**

Den honorabelen Deputéierten informéiert sech iwwert d'Reegele fir d'Ofstëmmungen am Gemengerot.

An der Fro gëtt den Artikel 34 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 net vollstänneg zitéiert. Et feelt den 2. Alinéa : *« En cas de partage de toutes les voix entre deux candidats, le sort décide ».* Dat heescht, wann all d'Stëmme vun de Gemengerotsmembere op zwee Kandidate gläich verdeelt sinn, entscheet d'Lous.

Falls den Deputéierten eng rezent Ofstëmmung vum Wëntger Gemengerot viséiert, wëll ech nach präziséieren, dass ech informéiert gi sinn, dass zwee Kandidate bei der Ofstëmmung fir ee Posten als Delegéierten an engem Syndikat jeeweils 5 Stëmme kritt hunn, an dass et eng Stëmm géint déi zwee Kandidate ginn ass. An dësem Fall sinn d'Conditioune fir d'Lous ze zéien net erfëllt, well déi zwee Kandidaten net alleguer d'Stëmme vun de Gemengerotsmembere kritt hunn. An deem Fall muss e Ballottage op Basis vum Artikel 34, 3. Alinéa vum Gemengegesetz gemaach ginn.

Ech wëll och nach präziséieren, dass wann méi wéi ee Kandidat sech presentéiert all Member vum Gemengerot dräi Méiglechkeete muss hunn :

- Fir ee vun de Kandidaten ze stëmmen ;
- Géint alleguerten d'Kandidaten ze stëmmen ;
- Sech ze enthalen[1].

Aus deem Grond mussen op all Bulletin separat Case mat de jeeweilege Nimm vun de Kandidate an zousätzlech eng Case déi « *Aucun des candidats* » heescht stoen.

Lëtzebuerg, de 11. Oktober 2023.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding

[1] Pierre Lambert, Manuel de Droit communal, Bruylant 1998, p. 139